



LUX



finding out

« Écouter quelqu'un, c'est le mettre au centre de la relation. Être écouté, c'est exister. Lorsqu'on écoute, on fait exister quelqu'un. »

J.C. Ricourt



Do sinn ech aus alle Wolleke gefall...

Wann Dir e Kand hutt, da schéngt villes selbstverständlech ze sinn:

- dass Äert Kand an enger Partnerschaft liewen oder sech bestuede wäert;
- dass et eng Famill wäert grënnen;
- dass Äert Kand selwer Kanner kritt an Dir Grousseltere gitt;
- dass Äert Kand glécklech ass an Äert Verhältnis zu him harmonesch verleeft.

Wann Äre Jong lech da seet: Ech sinn homosexuell. Wann Är Duechter lech eng fest Frëndin virstellt a net e Frënd, da fale vill Mammen a Pappen oft aus alle Wolleken. Si sinn enttäuscht, traureg, rosen. Sie kënnen et nëmme schwéier aushalen, dass grad hinne „sou eppes“ geschitt.

An et kommen op eemol ganz vill Froen:

- Wéi ass dat méiglech?
- Wat hu mir falsch gemaach?
- Wat bedeit dat fir eist Kand?
- Wat heescht dat fir eis Famill?

An dëser Broschür wëlle mir e puer vun deene Froe beäntweren, déi Eltere sech stellen, wa se gewuer ginn, datt hiert Kand homosexuell ass. Eltere vun homosexuelle Kanner, wéi awer och lesbesch a schwul Jugendlech erzielen, wéi si mat der Erausfuederung vum Coming Out fäerdeg gi sinn. A mir ginn eng Partie Uregungen, déi Hëllef kënnen, d'Situatioun ze meeschteren, déi duerch e Coming Out vum Meedchen oder vum Jong entstanen ass.

De Coming Out vun homosexuelle Jugendlech läit meeschtens am schouflichtegen Alter. D'Zielgrupp vun dëser Broschür sinn dohir besonnesch Eltere vu schouflichtege Kanner, wéi awer och Uspriechspartnerinnen a –partner fir Elteren: Pädagoginnen a Pädagogen an der Schoul, Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus der Jugendarbecht an aus der Familljeberodung.

Zum Schluss vun der Broschür fant Dir Bichertippen an Adressen, bei deenen Dir weider Informatiounen kréie kënnt.

Wat ass Homosexualitéit?

„Ech hu keng Ahnung gehat, dass mäi Jong schwul kéint sinn.“ Mamm, 52 Joer

„Dass ech mech an eng Fra verléift hunn, war fir mech wéi en Aha-Erlebnis. Ech hu mir virdru keng Gedanken doriwwer gemaach.“ Meedchen, 22 Joer

Homosexualitéit ass d'Léift zu engem Mensch vum selwechte Geschlecht. Wéi bei der Heterosexualitéit besteet och bei der Homosexualitéit Zouneigung, Léift, Jalousie, sexuell Begieren, Loscht. Qualitativ sinn Hetero- an Homosexualitéit gläichwäerteg. Fraen, déi Frae gär hunn, a Männer, déi Männer gär hunn, hunn déi selwecht Fähegkeet fir erfëllend Partnerschaften. Och zu de Liewensgemeinschaften tëschen Fraen a Männer gëtt et hei keen Ennerscheid.

Homosexuell Fraen a Männer sinn a liewe genausou verschidden wéi all déi aner och. Si hunn net manner oder méi Gemeinsamkeete wéi Dir selwer mat Äre Matmënschen. Trotzdem ginn et nach ëmmer ganz vill Virstellungen, déi vu Klischeeën dominéiert sinn. Dës sinn enk verbonne mat de Begrëffer „lesbesch“ respektiv „schwul“: „All Lesbe si männerfeindlech“ oder „all Schwul sinn Tataen“ si Beispiller fir dës Viruerteeler. Oft gëtt och gefrot, wéi eng gläichgeschlechtlech Bezéiung ouni déi klassesch Fraen- bzw. Männerroll eigentlech ausgesi kann.

Sexualitéit tëschen Fraen oder Männer schéngt villen oft onvirstellbar. An awer ass déi gläichgeschlechtlech Sexualitéit genausou villfälteg wéi d'Sexualitéit tëschen Fra a Mann.

Loosst lech net vu Klischeeën veronsécheren. Äert Kand gëtt net vun haut op muer en anere Mënsch, well et lech elo matgedeelt huet, dass et lesbesch oder

schwul as. Äert Kand huet d'Fähigkeit, e Mënsch vum selwechte Geschlecht gär ze hunn an et bleift Äert Kand, sou wéi Dir et kennt.

Wéi entsteet elo Homosexualitéit? Dës Fro gëtt oft gestallt. Hannergrond vun der Sich no den Ursaachen ass allerdengs meeschtens d'Fro, wien un der homosexueller Entwécklung vum Kand „Schold“ ass, a wéi dës „Feeler“ ka behuwe ginn.

Eng ofschléissend wëssenschaftlech Äntwert dorop, wat fir eng Facteure fir déi sexuell Orientéierung vun engem Mënsch entscheidend sinn, gëtt et net. Mee ganz egal, op genetesch bedéngt oder duerch Ëmweltaflëss (Sozialisatioun), Homo- wéi och Heterosexualitéit sinn einfach nëmme Variante vun der mënschlecher Sexualitéit. Dir als Elteren hutt näischt „falsch“ gemaach: well duerch d'Erzéiung ass déi sexuell Orientéierung net ze beaflossen.

Ass d'Fro, wéi Homosexualitéit entsteet, firlech an Äert Kand, eigentlech wichteg? Ass et net méi wichteg ze wëssen, wat et fir Äert Kand bedeit lesbesch oder schwul ze sinn?

Heefeg gëtt och gefrot, wéi vill Homosexueller et gëtt. Dës Fro ass schwiereg ze beantworen: Je no Definitioun kann een dovun ausgoen, dass 3-30 % vun der Bevëlkerung homosexuell liewen. Gëllen all déi, di an hirem Liewe wéinstens eemol Homosexualitéit erlieft hunn als homosexuell? Ass et déi dauerhaft Liewenspartnerin oder de Liewenspartner, déi den Ausschlag gëtt? Ass et entscheidend, wéi e Mënsch meeschtens lieft? A wou gëtt d'Grenz gezunn?

Et ass wichteg festzehalen: vill méi Mënsche wéi ugehall, maachen an hirem Liewen homosexuell Erfahrungen – fir si ass Homosexualitéit en Deel vun hirer individueller Liewenserfahrung.

Wéi gëtt Homosexualitéit bewäert?

„Ech sinn offensiv domat ëmgaang. Während dem lesse beim Familjentreffen, wéi ech erzielt hunn: Mäi Meedchen huet eng Frëndin – grouss Stëll. Dunn hun ech nach séier gesot: An dat ass fir eis an der Rei, dass hat Frae gär huet.“ Mamm, 55 Joer

„Meng Eltere ware fir d'éischt immens distanzéiert. Si hunn dat Ganzt fir eng Phase gehalen.“ Meedchen, 19 Joer

Homosexualitéit gëtt an eiser Gesellschaft ënnerschiddlech bewäert. Entscheidend fir eng Beuerteelung kënnen Traditionen, allgemeng Wäertvirstellungen, reliéis Opfaassungen, disponibel Informatiounen oder aner Aspekter sinn.

Mënschlech Sexualitéit gëtt individuell verschidde gelieft. D'Opkomme vun enger Villfalt vu méigleche Liewensweisen huet an de leschte Joerzénge zu engem Ofbau vu ville Viruerteeler géintiwwer homosexuelle Mënsche gefouert an d'Offenheet géintiwwer gläichgeschlechtliche Liewensweisen erhéicht. Heterosexuell a bestuet ze sinn, ass net méi déi eenzeg denkbar Liewensform.

Ängschte benennen – Ängschten iwwerwannen

„Wa mir iwwer d'Homosexualitéit vun eiser Duechter oder eisem Bouf rosen oder traureg sinn, dann huet dat eppes mat eisen eegenen onerfëllte Wënsch ze dinn, déi eis Kanner fir eis erfëlle sollen. Do maachen si eis e Stréch duerch d'Rechnung. An elo musse mir eis domat ausernanersetzen, vläicht och mat eiser egener Sexualitéit. Dat ass net agreabel.“ Mamm, 55 Joer

„Mat mengem Papp hunn ech ni konkret iwwer mäi Lesbeschi geschwat. Ech weess net, wat hien doriwwer denkt.“ Duechter, 22 Joer

Mat der Homosexualitéit vum Kand verbanne sech Ängschten. Wichteg Theme sinn dobäi Ausgrenzung, Elengsinn, Schoul an Aarbechtsplaat, wéi och AIDS. Awer heefeg entstinn dës Ängschten aus Klischeeën. Well:

- Si Lesben a Schwuler tatsächlech isoléiert, Ausseäiterinnen an Ausseäiter, oder mengt Dir dat just?
- Ginn et net och schon an Ärem Bekantekrees ganz ënnerschiddlech Forme vun Zesummeliewe vu Mënschen?
- Ass et net méiglech, sech wierksam virun AIDS ze schützen an hutt Dir Vertrauen, dass Äert Kand dat behäerzegt?

Wou Ängschten ausgeschwat ginn, kënnen se ofgebaut an iwwerwonnen ginn. Do wou Äert Kand Schwierigkeiten ze bewältegen huet, kënn Dir et ënnerstëtzen.

Erwaardungen an Enttäuschungen

„Ech hätt mir Enkelkanner gewënscht, eng normal Famill.“ Papp, 60 Joer

„Ech weess, dass meng Eltere sech Suerge maachen, wat aner Leit denke kënten. Ech wëll hinne weisen, dass ech eleng domat eens ginn.“ Duechter, 21 Joer

Vun all Kand gëtt selbstverständlech erwaart, dass et sech heterosexuell entwéckelt, dass et eng Partnerin oder e Partner vum anere Geschlecht huet an eng Famill grënt. Dës fix heterosexuell Iddi mécht eng homosexuell Entwécklung zu eppes Onerwaartem, Ongewéinlichem, vläicht Onerwünschtem – fir d'Eltere wéi fir d'Kanner. Kanner spiren, wann se Erwaardungen, déi un se gestallt ginn, net erfëllen. Si hunn dohir net seelen Angscht virun der Reaktioun vun den Elteren op de Coming Out.

Äert Kand léiert vun Ufank un duerch seng Ëmwelt, dass Homosexualitéit eppes Problematesches ass:

- gläichgeschlechtlech Liewensweise si meeschtens onsichtbar an dowéinst oft onvirstellbar;
- an der Schoul gëtt seele bis ni iwwer Homosexualitéit geschwat;
- „schwul Sau“ ass en gängeg Frechheet.

Mammen an Homosexualitéit – Pappen an Homosexualitéit

„Wéi ech matkritt hunn, dass hie schwul ass, hunn ech geduecht: O Gott, war ech sou e schlecht Virbild?! Ech hu geduecht, all Schwul missten onmännlech sinn.“ Papp, 60 Joer

„Mir ass et schwéier gefall, fir mat mengem Mann doriwwer ze schwätzen, mee dunn hu mir allebéid gemierkt, dass mir eis doduerch och e Stéck méi no komm sinn.“ Mamm, 49 Joer

„Ech hätt mech ni getraut, et mengem Papp ze soen. Dat huet meng Mamm fir mech iwwerholl, wéi ech net doheem war.“ Jong, 18 Joer

Och wann sech an de classesche Rollenzouschreiwungen männlech – weiblech viles verännert huet, sou schéngt et dach fir vill Papp méi schwierig ze sinn, d'Homosexualitéit vum Kand ze akzeptéieren, wéi fir d'Mammen. D'Angscht vu Kanner virun engem Refus vum Papp ass besonnesch grouss.

An den allermeeschte Fäll gëtt d'Mamm et fir d'éischt gewuer, wann d'Meedche lesbesch, de Jong schwul ass. Papp gi meeschtens méi spët – net seelen duerch d'Mammen – informéiert. Fir muench Kanner awer bleiwen d'Hürden net z'iwwerwannen – si schwätzen ni mat hiren Elteren doriwwer, dass se schwul sinn oder lesbesch!

Mateneen – oder mat anere schwätzen

„Am meeschten hat et mech getraff, dass hie sech net eis, sengen Elteren, uvertraut huet, mee als Uspriechspartner mäi Bruder gewielt huet. Dat war fir mech e Vertrauensbroch, dat war schwéier.“ Mamm, 55 Joer

„Mat menger Mamm hunn ech dunn direkt geschwat a si huet et mengem Papp während dem Owesiesse gesot. Mäi Papp huet du fir d'éischt mol guer net méi mat mir geschwat.“ Meedchen, 19 Joer

„Et war eng grouss Erlichterung mat mengen Elteren ze schwätzen, mech bei hinnen ze ouden. Ech hunn net méi léie missen.“ Jong, 18 Joer

Op a wéi iwwert Léift, Sexualitéit a Partnerschaft geschwat gëtt, ass an all Famill anescht. Et hängt vum Eenzelfall of, wie sech mat wem iwwert seng Erfahrungen a Wënsch ënnerhält, oder wie fir wien eng vertrauenswierdeg Gesprächspartnerin oder e Gesprächspartner ass. Vill Jugendlech hunn eent gemeinsam, si fannen et schwéier, mat hiren Elteren iwwer hir Gefiller ze schwätzen, wann si feststellen, dass si sech éischter eng Partnerin oder e Partner vum selwechte Geschlecht wënschen.

Net manner schwéier ass et fir Elteren, hir Gefiller de Kanner géintiwier ze äusseren. Heefeg brauchen si Informatiounen iwwert d'Thema Homosexualitéit an doriwwer, wat et fir hiert Kand heescht, lesbesch oder schwul ze sinn. Sie brauchen eng vertrauensvoll Gesprächspartnerin respektiv e Gesprächspartner fir all déi Gedanken, mat deene se ringen. An dat brauch Zäit.

Wat kann ech fir mäi Kand maachen – a fir mech?

„Mäi Jong huet e Frënd an ass mat him glécklech. Och meng Fra an ech gi gutt mat him eens. Wou ass also de Problem? Sou soen ech et och de Kollegen.“ Papp, 43 Joer

„Mäi Rot un aner Elteren: Kuck op Däi Kand, net op d'Noperen.“ Mamm, 55 Joer

„Ech wënsche mir, dass meng Eltere méi Vertrauen an dat hunn, wat ech maachen. Ech wënsche mir, dass si net gekünstelt reagéieren, mee éierlech mat der Situatioun ëmginn. Si solle net versichen, mäi Lesbeschsinn als selbstverständlech gëllen ze loossen, well ech weess, dass et snet ou ass.“ Meedchen, 19 Joer

Wann Äert Kand lech vu senger Homosexualitéit erzielt, dann ass dat e grouse Vertrauensbeweis – a fir d'Kand zugläich e Risiko. Och wann sech Elteren a Kanner gutt kennen, och wann iwwert Léift, Sexualitéit a Partnerschaft an Ärer Famill riichter aus geschwat gëtt, ass d'Reaktioun vu Mammen a Papp bei engem Coming Out net viraus ze gesinn. Äert Kand weess dat.

Eltere si fir hir Kanner déi wichtegst Vertrauenspersounen. Do wou et geléngt, de Coming Out zesummen ze bewältegen, gëtt d'Famill gestärkt. Déi wichtegst Ennerstëtzung fir Äert Kand ass, wann Dir him signaliséiert: Mir hunn Dech gär, sou wéi s Du bass a wäerten Dech ënnerstëtzen. Wichtig ass och, dass Mamm a Papp, béid Elterendeeler, dat däitlech man.

Fällt et lech schwéier, mat Ärem Kand oder mat Ärem Liewenspartner iwwer d'Homosexualitéit vun Ärem Kand ze schwätzen, sou bedenkt: Ängschte loosse sech zu zwee méi liicht meeschteren. Fir sech ugeholl ze fillen, ass et fir Äert Kand wichtig ze spiren, dass Homosexualitéit fir seng Mamm a säi Papp keen Tabuthema ass. Méiglecherweis kann et och sennvoll sinn, eng Gesprächs-

partnerin oder e Gesprächspartner vu baussen dobäi ze huelen. Sicht Änwerten op Är Froen, gitt lech bewusst, firwat et fir lech eventuell schwéier ass, d'Homosexualitéit vum Kand z'akzeptéieren. Hëlleft lech selwer, fir dass Dir Ärem Kand hëllef kënnt.

Wann Äert Meedchen oder Äre Jong nach an d'Schoul geet, dann ass et wichteg ze wëssen, op et do bekannt ass, dass hat lesbesch oder hie schwul ass, an op et do Problemer ginn. Schwätzt Äert Kand drop un an ënnerstëtzt et, wann et noutwenneg ass.

Och Äert Meedchen oder Äre Jong wäerte Kontakt zu anere sichen, déi an enger ähnlecher Situatioun sinn. Dir kënnt Äert Kand dobäi ënnerstëtzen, aner Jugendlech ze treffen, z.B. an enger lesbesch-schwuler Jugendgrupp, fir d'Gefill z'iwwerwannen, „dat oder deen eenzeg ze sinn“, virun allem um Duerf.

Et gi ganz vill verschidden Informatiounsquellen zum Thema Homosexualitéit. Mir hunn lech eng Rei gutt Bicher, Videofilmer an Internetsäiten zesummegeallt.

Weider Informatiounen

Bicher

- Comprendre l'homosexualité de Marina Castañeda
- Hydrogène. L'homosexualité à l'adolescence.
- Parler d'homosexualité d'Emmanuel Ménard

All des Bicher a nach eng ganz Reih méi, kënnt Dir am Cigale ausléinen.

Video

- Beautiful thing. Angleterre 1997.
- Get real. (Comme un garçon). Angleterre 1998
- Fucking Amål. Suède 1998
- Ma vraie vie à Rouen. France 2002

Internet-Säiten

- <http://www.cigale.lu>
Internet Säiten vum « Centre d'Information Gay et Lesbien au Luxembourg »
- <http://www.lambda-online.de>
Internet Säiten vum « schwul-lesbeschen Jugendnetzwerk Lambda »
- <http://www.pe.net/bidstrup/parents.htm>.
Amerikanesch Säiten vun Elteren vun homosexuelle Kanner

Servicer an Institutiounen

Zu Lëtzebuerg

Centre d'Information Gay et Lesbien
(CIGALE)
Kontaktpersonen: Patrick Birgen,
Roby Antony
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg
Tél. : (+352) 26 19 00 18
Fax : (+352) 26 123 766
Email : info@cigale.lu
www.cigale.lu

An Däitschland

Schleswig-Holstein :
Jugendnetzwerk Lambda Nord e.V.
Info- und Beratungsstelle „Na Sowas“
Kontaktpersonen: Dörthe Landgraf,
Thomas Rattay et Peer Siegel-Gradenwitz
Berliner Ring 12
D-23843 Bad Oldesloe
Tél. : (+49) 04531-885859
Email: NaSowas@lambda-online.de

Aktion Kinder- und Jugendschutz
Landesarbeitsstelle Schleswig-Holstein e.V.
Kontaktperson: Christa Limmer
Feldstraße 120
D-24105 Kiel
Tél. : (+49) 0431 – 89077
Fax : (+49) 0431 – 89079
Email : limmer@akjs-sh.de

Pro Familia
Landesverband Schleswig-Holstein e.V.
Marienstraße 29-31
D-24937 Flensburg
Tél.: (+49) 0461 – 180407
Fax: (+49) 0461 – 12806

Fir ganz Däitschland zustänneg:

BEFAH e.V.
Bundesverband der Eltern, Freunde und
Angehörigen Homosexueller
Schuhstraße 4
D-30159 Hannover
Tél. : (+49) 0511 – 3632978
Fax : (+49) 0511 – 2705895

Jugendnetzwerk Lambda e.V.
Der lesbisch-schwule Jugendverband
Bundesvorstand
Personne de contact: Conny Villmow
Windhorststrasse 43a
D-99096 Erfurt
Tél. : (+49) 0361-6448754
Fax: (+49) 0361 - 6448752
Email: info@lambda-online.de
www.lambda-online.de

Wann Dir weider Froen huet:

Zu Lëtzebuerg:
Centre d'Information Gay et Lesbien -
CIGALE
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg
Tél. : (+352) 26 19 00 18
Fax : (+352) 26 123 766
Email: info@cigale.lu
www.cigale.lu

An Däitschland:
Ministerium für Frauen, Jugend,
Wohnungs- und Städtebau
Theodor-Heuss-Ring 49
D-24113 Kiel

Referent für gleichgeschlechtliche
Lebensweisen
Christoph Behrens
Tél.: (+49) 0431/988-7494
Email: christoph.behrens@frmi.landsh.de
Tél. : (+49) 0431/988-0
Fax : (+49) 0431/988-7487
www.schleswig-holstein.de/landsh

Impressum

Editeur :
© 2004, Centre d'Information Gay et
Lesbien – CIGALE
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

Des Broschür as eng Iwersetzung vun der däitscher
Broschür «Da fiel ich aus allen Wolken...», déi den
«Ministerium für Frauen, Jugend, Wohnungs- und
Städtebau» vum Land Schleswig-Holstein erausgin huet.
(ISSN 0935-4646)

Un der Konzeptioun an un der Redaktioun vun der
Broschür « Da fiel ich aus allen Wolken... » hu mat-
geschafft:

Christoph Behrens (Ministerium für Frauen, Jugend,
Wohnungs- und Städtebau), Tina Busch (Na Sowas,
Jugendnetzwerk Lambda), Gesine Frühsorge (Landes-
elternbeirat der Gymnasien in Schleswig-Holstein), Rita
Höck (Landeselternbeirat der Gymnasien in Schleswig-
Holstein), Christa Limmer (Aktion Kinder- und Jugend-
schutz, Landesarbeitsstelle Schleswig-Holstein),
Elisabeth Schmidt-Brockmann (Pastorin in der Nord-
elbischen Landeskirche), Björn Stoffregen (Landes-
schülerInnenvertretung der Gymnasien), Hartmut Tödt
(Landesverbindungslehrer der Gymnasien und
Gesamtschulen), Wanja Wagner (Landeselternbeirat der
Gesamtschulen in Schleswig-Holstein)

Iwersetzung
Patrick Birgen, Roby Antony, Educateurs Gradués am
«Centre d'Information Gay et Lesbien»

Design
Vidale-Gloesener, Luxembourg

E grouse Merci un all Mammen,
Pappen, Meedercher a Jongen, déi un de
Gespräicher deelgeholl hun!

www.cigale.lu

60, rue des romains
L-2444 luxembourg

telefon 26 19 00 18
info@cigale.lu